



Resolutioun: Fir méi Lëtzebuergesch an der Schoul

Intro :

De leschte Bildungsrapport huet bewisen, datt statistesch méi wéi d'Hallschent vun den net-Lëtzebuenger Kanner an der Grondschoul am Cycle 3 ënnert dem Socle sinn, deen se nom Ofschléissen vum Cycle 2 hätte sollten erreecht hunn. Gespréicher mat Experten an den Domäne vun der Soziologie, Linguistik an Pedagogie goufe gefouert, wou munch Mësstänn vum Lëtzebuenger Bildungssystem, besonnesch an de fréie Joren, méi däitlech gemaach goufen, déi Repercussiounen op d'Gesellschaft hei am Land kéinten hunn („*Kinder mit Immigrationshintergrund stellen die offiziellen Anforderungen der Luxemburger Schule eine regelrechte Sprachenfalle dar.*“ – Dr. F. Fehlen). Fir vill Experten ass d'Alphabetiséierung en Hindernis fir d'Gewärleschte vun enger richteger Chancëgläichheet. Och d'CNEL hat schonn den 8. Juni 2018 an hirem Avis iwwert d'Schoulreform deemols e Manktem u Präsenz vun der nationaler Sprooch bedauert („*DCNEL bedauert, datt een Unterrecht am Lëtzebuergesch nëmmen nach heiansdo op 7ème huet. Dowéinst verlaangt d'CNEL en obligatoresche Lëtzebuergeschunterrecht bis 5ème/9ème, fir datt d'Schüler e Grondwëssen iwwert déi lëtzebuergesch Sprooch hunn.*“). Och schonns de 5. August 2015 hat den deemolegen CSV -Deputéierten Laurent Zeimet dem Bildungsminister Claude Meisch (DP) folgend parlamentaresch Fro gestallt, Zitat : „*Monsieur le Ministre ne juge-t-il pas que face à l'hétérogénéité de la population scolaire du Luxembourg l'apprentissage de la langue luxembourgeoise dans tous les systèmes éducatifs (publics et internationaux) faciliterait l'intégration des élèves notamment de ceux qui resteront définitivement au Luxembourg?*“.

Dofir proposéiert d'CSJ Schüler a Studente folgend Punkten :

Enseignement fondamental

1. Am Cycle 4 soll d'Lëtzebuergesch spilleresch gefërdert ginn, andeems ee mat de Schüler Oral an Form vu Sprichstonnen mécht, déi bewäert ginn.
2. Am Cycle 4 sollen d'Schüler mat den diversen Hëllefsmëttele beim Schreiwen a Liese vum Lëtzebuergesche bekannt gemaach ginn, wéi zum Beispill Spellchecker, Luxdico, LOD an d'Funktionsweis vun de genannten Hëllefsmëttele erléieren.
3. Am Cycle 4 soll Vie et Société verstärkt op Lëtzebuergesch gehale ginn, dat heescht Bicher op Lëtzebuergesch an Aarbechtsblieder op Lëtzebuergesch mussen ausgeschafft ginn. Dëst, fir d'Sprooch am Fundamental opzewäerten a méi lieweg ze maachen (fir dëst ze garantéieren, muss de Bildungsministère dofir suergen, datt den Enseignantë genuch Aarbechtsmaterial zur Verfügung steet).
4. Fir datt de Lëtzebuergeschenseignement am Cycle 4 qualitativ héichwäerteg gehal ka ginn, muss de Bildungsministère d'Schreiwen an d'Drécke vu Bicher op Lëtzebuergesch verstärkt féerden an d'Nofro fir all Niveaue vergréisseren (z.B. Bicher vu Lëtzebuenger Auteuren).



Enseignement Secondaire an Enseignement supérieur universitaire

1. Lëtzebuergeschcourse vu 7èmeG/C bis op 4èmeC a 3èmeG fir all Schoulgebaier an all Klasse vum Enseignement Secondaire obligatoresch maachen, wou och Grammatik a Rechtschreiwung enseignéiert ginn (fir kee Verloscht an engem anere Fach auszeléisen, gëtt d'Zuel u Wochestonnen op 31 erhéicht).
2. Fir datt de Lëtzebuergeschenseignement vu 7èmeG/C bis op 4 èmeC a 3èmeG ofgeséichert ka ginn, muss de Bildungsministère d'Schreiwten an d'Drücke vu Bicher op Lëtzebuergesch fërderen an d'Nofro vergréisseren (z.B. Lëtzebuenger Schoulbicher mat Grammatik, Rechtschreiwung an Exercicer).
3. An alle Bibliothéiken vun alle Schoulgebaier vum Enseignement Secondaire soll obligatoresch eng Vilfalt u lëtzebuergesche Bicher zur Verfügung gestallt ginn.
4. Vu 7ème G/C bis op 4 èmeC a 3èmeG soll Vie et Société verstärkt op Lëtzebuergesch gehale ginn, dat heescht Bicher op Lëtzebuergesch an Aarbechtsblieder op Lëtzebuergesch mussen ausgeschafft ginn. Dëst, fir d'Sprooch am Secondaire opzewäerten a méi lieweg ze maachen (och do fir dëst ze garantéieren, muss de Bildungsministère dofir suergen, datt de Professere genuch Aarbechtsmaterial zur Verfügung steet).
5. D'Optionsfach Lëtzebuergesch soll an alle Schoulen kënnen e Choix si fir d'Optione vu 3èmeC/G bis 1èreC/G.
6. Sief et am Général oder am Classique, sollen de Schüler Aarbechtsblieder zur Verfügung ginn, wou wichteg Fachterminologie op Lëtzebuergesch erkläert gëtt a fir d'Friemsproochen Franséisch an Englesch soll de Vocabulaire mat enger lëtzebuergescher Iwwersetzung zur Verfügung stoen.
7. D'Studium Luxemburgistik soll méi attraktiv gestallt ginn (Gewärleeschtung vun den Enseignanten fir d'Lycéesjoren).
8. Am Studiegang „Sciences de l'éducation“sollen Lëtzebuergeschcoursen am Curriculum integréiert ginn.

Zil vun dëser Resolutioun :

Dat laangfristegt Zil vun eiser Resolutioun ass eng Alphabetiséierung op Lëtzebuergesch am Fondamental fir e weidert Ausernandreiwe vun de verschiddene Sproochpopulatiounen an de Schoulen ze verhënneren an eng reell Chancëgläichheet an eise Schoulen ze garantéieren. Doriwwer eraus géinge mir e méi grouse Stellewäert vum Lëtzebuergeschen am öffentleche Liewe begréissen. Eng Veramtlechung vun der Lëtzebuenger Sprooch wär e wichtegen a grouse Schratt an dës Richtung.

Ugeholl um CSJ Online-Kongress 2021